



Här Fernand Etgen  
President vun der  
Chamber



Lëtzebuerg, den 19. Mäerz  
2019

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Gesondheitsminister weider ze leeden.

Mamm Gesetz vum 20. Juli 2018 ass d'Méiglechkeet Cannabis aus medezinesche Grënn ze verschreiwen am Grand-Duché agefouert ginn. D'Gesetz gesäit d'Konditiounen vir ënnert deenen d'Doktere Cannabis verschreiwe kënnen, deen d'Patienten dann an enger vun de 4 Spidolsapdikte kënnen ofhuelen.

Informatiounen vun der Presse no, gouf am Dezember en Accord tëscht der Regierung an enger kanadescher Societéit déi medezinesche Cannabis produzéiert, ofgeschloss, an et goufen 20 Kilogramm Cannabisbléien op Lëtzebuerg geliwwert, déi säit dem 5. Februar 2019 dierfen u Patienten delivréiert ginn.

An dësem Kontext géif ech gäre folgend Froen un d'Regierung stellen:

- Wéi vill Dokteren déi am Grand-Duché praktizéieren hu bis elo d'Formatiounen gemaach fir medezinesche Cannabis dierfen ze verschreiwen? Wéi vill Generalisten a wéi vill Spezialisten?
- Wéi vill medezinesche Cannabis gouf scho verschriwwen an u wéi vill Patienten?
- Aus wéi enge Grënn gëtt et de medezinesche Cannabis am Moment just a Form vu Bléien, wëssend datt hei d'Notzung an den Dosage vill méi schwéier ass, och well d'Konzentratioun an de Bléie variéiert? Firwat gräife mir net, wéi am Ausland och, z.B. op Ueleg zréck?

Här President, ech bieden lech mäin déifste Respekt unzehuelen.

Martine Hansen  
Deputéiert



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère de la Santé

Dossier suivi par: JOME Laurent  
Tel: 247 85510  
Email: laurent.jome@ms.etat.lu



Monsieur le Ministre  
aux Relations avec le Parlement  
Service central de Législation  
43, boulevard Roosevelt  
L-2450 Luxembourg

Luxembourg, le 16 avril 2019

**Concerne:** Question parlementaire n° 524 du 19 mars 2019 de Madame la Députée Martine Hansen.

**Réf. :** 82bx7cf83

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse du soussigné à la question parlementaire n° 524 du 19 mars 2019 de Madame la Députée Martine Hansen concernant le "Cannabis médical".

Veillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.



Étienne SCHNEIDER  
Ministre de la Santé





**Réponse de Monsieur le Ministre de la Santé à la question parlementaire n° 524 du 19 mars 2019 de Madame la Députée Martine Hansen concernant le "Cannabis médical".**

Wéi vill Dokteren déi am Grand-Duché praktizéieren hu bis elo d'Formatiounen gemaach fir medezinesche Cannabis dierfen ze verschreiwen? Wéi vill Generalisten a wéi vill Spezialisten?

Em di 250 Dokteren hunn d'Formatioun gemaach, an dovu sinn 2/3 Generalisten.

Wéi vill medezinesche Cannabis gouf scho verschriwwen an u wéi vill Patienten?

Iwwer 120 Patienten krute bis haut medezinesche Cannabis verschriwwen. D'Quantitéit u Cannabis Bléien déi verschriwwen ginn ass entsprécht ongeféier 7 kg.

Aus wéi enge Grënn gëtt et de medezinesche Cannabis am Moment just a Form vu Bléien, wëssend datt hei d'Notzung an den Dosage vill méi schwéier ass, och well d'Konzentratioun an de Bléie variéiert? Firwat graife mir net, wéi am Ausland och, z.B. op Ueleg zréck?

An der Ulaaf-phase vum Cannabis medicinal Enn 2018 war et aus logistesche Grënn net méiglech all Ueleger ze kréien. Dës Produiten sinn awer elo an engem Marché Public, dee viru kuerzem publizéiert gouf, mat virgesinn. Sou dass ee kann domat rechnen dass am leschte Semester vun 2019 all des Produiten och an de Spidolsapdikten ze kréien sinn.